# *COMMEMORATIOUNSFEIEREN ZU HINZERT*

**<u>Samschdeg, den 20. September 2014</u>**

De Comité directeur pour le souvenir de la résistance an d'Amicale Hinzert lueden all Lëtzebuerger Resistenzorganisatiounen an, sech un de Gedenkfeieren zu Hinzert e Samschdeg, den 20. September 2014, ze bedeelegen, wa méiglech mat hire Fändelen. Och un d'Familljе vun de Victimen, an doriwwer eraus un all Lëtzebuerger, riicht sech dësen Appell.

De Programm fir dësen Dag ass wéi déi Jore virdrun, d.h.:

- um 14.00 Auer ass déi Lëtzebuerger Feier bei der Kapell.

D'Mass gëtt gelies vum Här Abbé Patrick Müller; fir de Gesank suergt d'Chorale vun Uewerwampich, Nidderwampich a Brootebaach ënnert der Direktioun vum Här Francis Hoffmann. Den Här Hoffmann begleet si och op der Guitare. Clairon d'honneur : Här Edmond Faber.
Bei schlechtem Wieder gëtt d'Feier am Dokumentatiouns-Center ofgehal.

- um 15.30 Auer ass déi international Feier am Dokumentatiouns-Center.

Dëst Joër gëtt d'Usprooch gehalen vum Dr. Herbert Ruland, Wissenschaftlicher Leiter der Arbeitsabteilung GrenzGeschichte der Autonomen Hochschule der Deutschsprachigen Gemeinschaft Belgiens, Eupen.

Hei d'Horairen vun deene 3 Bussen, déi de 20. September 2014 op Hinzert fueren a bei wiem Dir Iech umelle kënnt :

Bus A (Stephany) :

10.55 Troisvierges / gare
11.00 Troisvierges / commune
11.35 Ettelbruck / gare
11.45 Diekirch / gare
11.50 Baastenduerf
12.25 Echternach / gare
13.35 Hinzert

Bus B (Stephany) : nëmme fir d'Chorale vun Brootebaach, Uewerwampich, Nidderwampich

11.00 Brachtenbach
11.10 Oberwampach
11.15 Niederwampach
13.35 Hinzert

Umeldunge fir d'Bussen A + B - Autobus Stephany, Tél. : 99 81 32, bis spéitstens e Mëttwoch de 17. September 2014.

Bus C (Demy-Cars) :

11.35 Eischen / garage Demy Cars
11.45 Hobscheid / école
12.00 Saeul / école
12.05 Brouch / église
12.15 Mersch / centre Marisca
12.45 Luxembourg-Glacis (Busparking)
13.05 Wasserbillig / frontière autoroute (P+R Autobunn Richtung Tréier)

13.25   Hinzert

Umeldunge fir de Bus C  -  Anne-Marie Toussaint, Tél. : 39 90 58, bis spéitstens e Mëttwoch de 17. September 2014.

**WICHTEG: fir dass Busse mat Zäit zu Hinzert ukommen, mussen d'Zäiten vum Fuerplang genee agehale ginn! De Bus fiert pénktlech fort!**

*(Matgedeelt vum C.d.S.R.)*